Mee 2025
Koplescht - Briddel

# N°58 KoBri

Magazine



disponible en français sur **www.kopstal.lu**

Koplescht
Briddel



# IMPRESSUM


**EDITIOUN:** Administration communale de Kopstal
**KOORDINATIOUN A MISE EN PAGE:**
Service de communication et des relations publiques
brain&more - agence en communication
**FOTOE VUN DE COUVERTUREN:** Max Staus (1. Couverture),
Max Staus (2. & 4. Couverture)

Dëse Magazine gëtt an 1.800 Exemplaren op recycléiertem Pabeier gedréckt

# SOMMAIRE

Le KoBri Magazine est également disponible en langue française sur le site **www.kopstal.lu**


VIRWUERT

Thierry Schuman - Buergermeeschter 4

NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Offall an der Gemeng 8

Rectificatif – Informatiounsowend fir déi nei LuxTrust-Applikatioun 9

Generalversammlung Amiperas Koplescht-Briddel 11

E Peki fir d'Gemeng Koplescht 12

NATUR & TOURISMUS

Opnam vu Mikrohabitater am Bësch duerch e Stéchprouf-Verfaren 14

Méi wéi Beien! Ziel mat! 16

Monitoring vun aarteräichen Wisen a Weiden 18

AKTIVITÉITEN & KULTUR

Presentatioun vum Jugendhaus Gemeng Koplescht 22

Retrospectiv - Vergaange Manifestatiounen 24

PRAKTESCH INFORMATIOUNEN 31


## LETTRE À LA RÉDACTION*

Wann Dir zum Contenu vum KoBri Magazine wëllt bäidroen, kënnt Dir gären Äre Sujet / Ären Artikel dem Kommunikatiounsservice schécken.

Si vous désirez contribuer au contenu du KoBri Magazine, nous vous invitons à soumettre votre sujet / article au service de communication.

If you wish to contribute to the content of KoBri Magazine, we invite you to submit your topic / article to the communications department.

**communication@kopstal.lu**

* De Kommunikatiounsservice erlaabt sech, d'Selektioun vun den Artikelen ze maachen déi publizéiert ginn. • Le service de communication se réserve le droit de sélectionner les articles qui seront publiés. • The communication department reserves the right to select the articles to be published.



Foto: Max Staus

# VIRWUERT

# Thierry Schuman - Buergermeeschter

Léif Awunner an Awunnerinne vu Koplescht a vum Briddel,

Endlech! No 25 Joer Aarbecht war et den 2. Abrëll esou wäit: de Gemengerot huet - eestëmmeg! - mat sengem 2. Vote, de neie PAG gestëmmt. Domadder ass eng Aufgab, déi ons Virgänger ugefaangen hunn, zum Ofschloss komm.

Et war - och fir dëse Gemengerot - en zäitopwännege Sujet. No der Saisine (also dem 1. Vote vum 8. März 2022) ass onse „projet initial“ an déi verschidde Ministèren a Kommissioune gaangen, fir hiren Avis ofzeginn. Zäitgläich haten ons Awunner an Awunnerinnen d'Geleeënheet, hir Iwwerleeungen a Verbesserungsvirschléi - ob generell, oder hier perséinlech Situatioun betreffend - eranzereechen. 152 vun Iech hunn dat gemaach an ech soen Iech duerfir Merci.

De Schäfferot huet no de Walen 2 spezifesch Kommissiounen „Centre Urbain Kopstal“ a „Centre Urbain Bridel“ geschaaft, fir de Gemengerot ze beroden.

An enger ganzer Rëtsch Aarbechtssëtzungen huet dann de Gemengerot, opgrond vun den Avise vun de Ministèren, de Recommandatioune vun de Kommissiounen, an de Reklamatioune vun der Awunner an Awunnerinnen, de „projet initial“ nach emol ganz iwwerschafft. Mir hunn dobäi allermeeschtens d'Propositioune vun de Ministèren iwwerholl, déi dacks Reduktioune vun de verschiddene Koeffizienter suggeréiert hunn (also dem „manner dicht bauen“, virun allem am Zentrum vum Briddel) - awer och heiansdo eng Erhéijung virgeschloen hunn.

Et war vill Aarbecht - awer och eng flott, well de ganze Gemengerot als Leitmotiv d'Erhalen an den Ausbau vun der Wunn- a Liewensqualitéit vun onsen Awunner an Awunnerinnen hat. Ech sinn duerfir besonnescht frou an houfreg, dass dëse PAG d'Zoustëmmung vun alle Membere vum Gemengerot krut. Merci u si alleguer fir hiert Engagement.

E grousse Merci awer och un onsen Service d'Urbanisme an onst Sekretariat. Et si Leit deenen déi meescht vun Iech seelen - wann iwwerhaapt - emol begéinen. Awer ouni hiren Asaz an hier Rotschléi wiere mir net zu dem - wéi ech mengen, gudden a kollegialem Resultat komm.

Awer och mat dësem Vote ass de PAG nach net definitiv. Eréischt wann d'Ministèren hiren Avis zu dëser iwwerschaffter Versioun ofginn hunn an onsem Projet zoustëmmen, ass en “en vigueur”. Dat misst awer virun Enn 2025 de Fall sinn.

An der Tëschenzäit wënschen ech Iech alleguer e schéint Fréijoer!

Thierry Schuman,
Buergermeeschter

Chers habitants et chères habitantes de Kopstal et de Bridel,

Si Enfin ! Après 25 années de travail, le 2 avril a marqué une étape importante : le conseil communal a adopté – à l'unanimité ! – le nouveau PAG lors de son deuxième vote. Ainsi, une tâche entamée par nos prédécesseurs est désormais achevée.

Ce fut – également pour ce conseil communal – un sujet très chronophage. Après la saisine (c'est-à-dire le premier vote du 8 mars 2022), notre « projet initial » a été soumis aux différents ministères et commissions afin de recueillir leurs avis. Parallèlement, nos habitants ont eu l'opportunité de soumettre leurs réflexions et suggestions d'amélioration – qu'il s'agisse d'aspects généraux ou de leur situation personnelle. 152 d'entre vous ont saisi cette opportunité, et je vous en remercie sincèrement.

Après les élections, le collège échevinal a mis en place deux commissions spécifiques, « Centre urbain Kopstal » et « Centre urbain Bridel », afin de conseiller le conseil communal.

Lors de nombreuses séances de travail, le conseil communal a ensuite entièrement révisé le « projet initial » sur base des avis des ministères, des recommandations des commissions, ainsi que des remarques des citoyens. Dans la majorité des cas, nous avons suivi les propositions des ministères, qui recommandaient souvent une réduction des différents coefficients (donc une densité de construction moindre, notamment dans le centre de Bridel) – mais parfois aussi une augmentation de ceux-ci.

Ce fut un travail conséquent – mais aussi enrichissant, car le fil conducteur de tout le conseil communal était la préservation et l'amélioration de la qualité de vie et d'habitat de nos concitoyens. C'est pourquoi je suis particulièrement heureux et fier que ce PAG ait été approuvé par tous les membres du conseil communal. Merci à chacun d'eux pour leur engagement.

Un grand merci également à notre service urbanisme et à notre secrétariat. Ce sont des personnes que la plupart d'entre vous croisent rarement – voire jamais. Mais sans leur implication et leurs conseils, nous ne serions pas arrivés à ce résultat, que je considère comme bon et réalisé dans un bon esprit de collaboration.

Cependant, même avec ce vote, le PAG n'est pas encore définitif. Ce n'est qu'une fois que les ministères auront rendu leur avis sur cette version révisée et qu'ils auront approuvé notre projet qu'il entrera officiellement en vigueur. Cela devrait toutefois se faire avant la fin de l'année 2025.

En attendant, je vous souhaite à toutes et à tous un très beau printemps !

Thierry Schuman,
bourgmestre

🇬🇧 Dear residents of Kopstal and Bridel,

Finally! After 25 years of work, April 2nd marked a major milestone: the municipal council – unanimously! – approved the new PAG in its second vote. With this, a task that our predecessors had begun has now been brought to completion.

It was a time-consuming topic – also for this council. After the "saisine" (that is, the first vote on March 8, 2022), our initial project was sent to various ministries and commissions for their opinions. At the same time, our residents had the opportunity to submit their thoughts and suggestions for improvements – whether general or related to their personal situation. 152 of you took part, and I sincerely thank you for that.

Following the elections, the College of Aldermen created two specific commissions, “Centre urbain Kopstal” and “Centre urbain Bridel,” to advise the municipal council.

In numerous working sessions, the council then thoroughly revised the initial project based on the opinions from the ministries, the recommendations of the commissions, and the feedback from residents. In most cases, we adopted the ministries' suggestions, which often involved reducing various density coefficients (i.e., allowing less dense construction, especially in the center of Bridel) – although in some cases increases were proposed as well.

It was a lot of work – but also a rewarding process, because the guiding principle of the entire council was to preserve and enhance the quality of life and housing for our residents. That is why I am particularly happy and proud that this PAG received unanimous approval from all council members. Thank you to all of them for their commitment.

A big thank you as well to our Urban Planning Department and our Secretariat. These are people whom most of you rarely – if ever – encounter. But without their dedication and their advice, we would not have reached what I believe is a good and collaborative result.

However, even with this vote, the PAG is not yet final. It will only come into force once the ministries have given their approval of this revised version. This is expected to happen before the end of 2025.

In the meantime, I wish you all a beautiful spring!

Thierry Schuman,
mayor

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Offall an der Gemeng

D'Gemeng Koplescht engagéiert sech, fir den Offall an der Gemeng esou gutt wéi méiglech ze triéieren. An deem Kontext huet d'Gemeng d'Martine BOSCH vun der Firma „Ecofluent", eng professionell Beroderin, un d'Säit geholl, fir eng Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun an de Gemengegebaier souwéi um Schoulcampus ze maachen.

Dëst mam Zil, d'Sënnere vum Offall ze optimiséieren, an och Méiglechkeeten zur Reduktioun vum Offall ze identifizéieren a weiderzeféieren.

Aus dësem Grond huet eng Ekipp vu véier Mataarbechter aus dem Gemengepersonal, zesumme mam Klimaschäffen an der Madamm Bosch, den Inhalt vun zwee grousse Poubelle-Containeren (wat dem Offall vun enger Woch an der Schoul entspriécht) analyséiert an triéiert. Dës Aktioun soll dozou bäidroen, nach méi eng effikass Strategie a punkto Offallvermeidung an Offalltrennung ze entwéckelen.





# Rectificatif – Informatiounsowend fir déi nei LuxTrust-Applikatioun

Text a Fotoen: CCVEI

D'Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen (Commissions consultatives -Gemeng Koplescht) huet de 21. November 2024, zesumme mat LuxTrust, e gratis Informatiounsowend organiséiert.

Well den Token den 31. Dezember 2024 desaktivéiert gouf, war et der Gemeng Koplescht wichteg, den Awunner ze hëllefen d'LuxTrust Mobile Applikatioun op hirem Handy z'installéiere.

Den Här Paganotti vu LuxTrust huet d'Participanten op eng ganz verständlech Manéier mat der LuxTrust Mobile Authentifikatiounsapplikatioun bekannt gemaach, hier Sécherheetsvirdeeler erkläert an déi einfach Handhabung demonstréiert. Hien huet si och bei all Etapp vun der Installatioun op hirem Smartphone begleet.






**Opgepasst :** Well den Token eng Batterie huet, soll en net an déi normal Poubelle

gehäit ginn. Dir kënnt Ären alen Token op follgende Plazen ofginn:

- bei LuxTrust-Partneren an der Sammelbox am Populatiounsbüro vun der Gemeng (1-3, rue Nicolas Goedert, L-8133 Briddel)
- am Recyclingzenter vun der Gemeng zu Kielen: https://sicaapp.lu/the-recyclecentre/?lang=fr
- an de Sammelboxen vun der SuperDrecksKëscht an deene verschiddene Shoppingzentren
- bei LuxTrust: IVY Building, 13-15 Parc d'Activités, L-8308 Capellen, Lëtzebuerg



PARTICIPEZ AU GRAND

# DÉFI RECETTES FAIRTRADE GEMENG

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

**AIDEZ NOTRE COMMUNE À GAGNER !**

L'ONG Fairtrade Lëtzebuerg nous met au défi de rassembler un maximum de recettes !

1. Réalisez une recette (sucrée, salée, cocktail) avec des produits FAIRTRADE.
2. Prenez votre plat/boisson en photo.
3. Envoyez votre recette **jusqu'au 25.05** (en A4 Word ou manuscrite, avec produits Fairtrade signalés) + photo + le nom de notre commune à

**MOIEN@FAIRTRADEGEMENG.LU**

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Generalversammlung Amiperas Koplescht-Briddel

Text a Fotoen: Amiperas





Viru kuerzem hat d'Amiperas Koplescht/Briddel hir uerdentlech Generalversammlung. No der Begréissung vun eiser Presidentin Annette Baudot, huet de Sekretär Ady Becker iwwert d'Aktivitéite vum Joer 2024 bericht an de Keessjee Camille Graas huet e ganz detailléierte Finanzbericht presentéiert. Duerno gouf och e gutt gefëllten Aktivitéitskalenner fir 2025 virgestallt. D'Damme Monique Steffen a Suzette Graas goufe fir hir gutt Hëllef am Service mat engem Cadeau geéiert. Mat gudder Stëmmung goung d'Versammlung mat Kaffi, Kuch a Fueskichelcher weider.

Hei fannt dir de Kalenner vun de kommenden Aktivitéiten:

- Donneschdeg den 08.05.2025 um 14.00 Auer: Zesummesi bei Kaffi a Kuch a Bingospill am Kulturhaus zu Koplescht
- Samschdeg den 21.06.2025 um 11.30 Auer: Mer feiere Mammendag mat Mëttegiessen a Blummentombola am Kulturhaus zu Koplescht
- Donneschdeg den 18.09.2025 um 14.00 Auer: Zesummesi bei Kaffi a Kuch a Bingospill am Kulturhaus zu Koplescht
- Samschdeg den 18.10.2025 um 11.30 Auer: Mer feiere Pappendag mat Mëttegiessen an Tombola am Kulturhaus zu Koplescht
- Samschdeg den 13.12.2025 um 14.00 Auer: Chrëschtfeier am Kulturhaus zu Koplescht

### Kontakdaten

**BAUDOT Annette** (Presidentin)
30 60 29 / 621 619 208
abaudot@pt.lu
**BECKER Ady** (Sekretär)
33 91 41 / 621 215 168
ady@pt.lu
**GRAAS Camille** (Keessjee)
32 88 07 / 621184245
camillegraas@yahoo.de

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## E Peki fir d'Gemeng Koplescht







Peki, wat ass dann dat, froen sech bestëmmt déi eng oder aner ënnert iech. Säit e puer Wochen ass d'Gemeng am stolze Besëtz vun engem op eis Besoinen ofgestëmmte Gedrénksverkafsunhänger vun der Mark Peki. Heibäi handelt et sech ëm eng Buvette op Rieder. Peki ass eng däitsch Qualitéitsmark, déi mëttlerweil an der 3. Generatioun als Familljebetrib gefouert gëtt. Peki-Gefierer si weltwäit an iwwert 60 Länner op 6 Kontinenten am Asaz.

Wat mécht de Peki vun der Gemeng Koplescht esou besonnesch? Dësen huet zum Beispill folgend Funktiounen:

- 2 Zapkrinn mat enger performanten Zapanlag
- 4 grouss gekillten Tiräng wou jee 2 Gedrénkskëschten dra passen
- 1 Killzell fir bis zu 12 Béierfässer oder Gedrenkskëschten
- 1 Wäischaf fir bis zu 20 Wäifläschen
- flott LED-Beliichtung a soss un eis Besoinen ugepasstent Equipement

An Zukunft kënne sech d'Associatioune bei der Gemeng mellen, wann si de Peki wëlle fir hir Festivitéiten ausléinen.

Koplescht Briddel




# Wie wäre es, wenn Sie Ihre Stromkosten durch ein paar einfache Verhaltensweisen senken würden?

Anfang 2025 ist eine neue Stromtarifstruktur in Kraft getreten, die zum Ziel hat, zur Entwicklung eines modernen und sicheren Stromnetzes beizutragen, das an die Digitalisierung und die Energiewende angepasst ist. Dadurch soll erreicht werden, dass weniger zeitgleiche leistungsintensive Nutzungen stattfinden, um damit den Bedarf an Netzverstärkung zu verringern und die Kosten für den Ausbau des Netzes zu senken.

**Was bedeuten diese Änderungen konkret für die Verbraucher?**

Der Netztarif orientiert sich seit Anfang des Jahres auch an der genutzten Leistung (neben der verbrauchten Energiemenge), das heißt:

- Ein höherer Leistungsbedarf kann zu höheren Netzgebühren führen.
- Einfache Maßnahmen können helfen, diese Erhöhungen zu vermeiden, z. B. indem die benötigte Leistung zeitlich gestaffelt wird.
- Strom wird abends nicht teurer! Die Kosten für die Netznutzung sind den ganzen Tag über gleich. Entscheidend ist die gesamte Leistung, die gleichzeitig von jedem Einzelnen aus dem Netz entnommen wird.

**Welche Maßnahmen können Sie ergreifen, um Ihre Kosten niedrig zu halten?**

Generell können alle Nutzer zu einer effizienteren Nutzung des Netzes beitragen, indem sie ihren Verbrauch flexibel gestalten. Dies wird durch eine Vermeidung von gleichzeitiger und intensiver Nutzung mehrerer Haushaltsgeräte erreicht. Bei Standard-Haushaltsgeräten führt das aber nur selten zu einer Überschreitung des Referenzwertes von 3 kW. Dagegen sind folgende Maßnahmen wirksamer:

- **Die Leistung der Ladestation reduzieren, um Spitzen zu vermeiden.**

  Verbraucher mit Geräten, die eine höhere Leistung benötigen, können ihre Nutzung zeitlich strecken. Zum Beispiel, indem das Elektroauto mit reduzierter Leistung geladen wird (5,5 kW statt 11 kW).

  Nutzen Sie unsere Vergleichsplattform unter **bornes.klima-agence.lu/de**, um Ladestationen mit der Funktion „Reduzierung der Leistung durch den Nutzer“ zu finden.

- **Eigenverbrauch von Solarstrom zur Reduzierung von Leistungsspitzen.**

  Durch den Eigenverbrauch von Solarstrom können Geräte mit hoher Leistung selbst versorgt werden: Die vom Netz genutzte Leistung kann damit erheblich reduziert und Netzgebühren können vermieden werden. Das ergibt allerdings nur Sinn, wenn Ihr Einspeisetarif nicht höher als der Strompreis ist.

- **Strom teilen: eine gemeinschaftliche Lösung.**

  Das Teilen von Photovoltaikstrom mit den Nachbarn ist eine effektive Lösung zur Senkung der Energiekosten. Indem Sie eine Gruppe zum Teilen von Strom bilden, vermeiden Sie in der Regel Netzgebühren und optimieren gleichzeitig den kollektiven Eigenverbrauch.

Mehr Informationen unter:
**klima-agence.lu/de/Stromtarif**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige und kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90

NATUR & TOURISMUS

# Opnam vu Mikrohabitater am Bësch duerch e Stéchprouf-Verfaren

Text a Fotoen: ANF



*D'Laura Lucius an d'Anna Garlinskas bei der Opnam am Bësch.*

Fir d'Unzuel u Beem mat Mikrohabitater pro Hektar souwéi hir Heefegkeet an d'Verdeelung ze bestëmmen, gouf eng Opnam vu Beemmikrohabitater am Gemengebësch vu Koplescht duerchgefouert. D'Donnéeë goufen iwwer e Stéchproufinventaire op 92 verschiddene Stéchproufepunkten (mat engem Ofstand vun 125x125 Meter) gesammelt.

Fir d'Mikrohabitater z'erkennen, gouf de Katalog vum European Forest Institute (EFI) benotzt, deen am Ganze 64 verschidde Mikrohabitat-Typen enthält. Dobäi goufe just Beem mat engem „Mindestbrusthöhendurchmesser" (BHD) vu 25 cm berücksichtegt. Am Ganze goufe 438 Beem analyséiert an 1.048 verschidde Mikrohabitater opgeholl.


Et ass e kloere Zesummenhang tëscht dem Duerchmiesser vum Bam an dem Optriede vu Mikrohabitater z'erkennen: Ab engem BHD vu 75 cm huet all Bam op mannst ee Mikrohabitat.

Am Ganze weisen 82% vun de 438 analyséierte Beem op mannst ee Mikrohabitat op. Dat entspriecht an dësem Fall ronn 88 Beem pro Hektar.

Dës Opname liwwere wäertvoll Erkenntnisser iwwer d'Verdeelung an d'Heefegkeet vun de Beemmikrohabitater a maachen domat eng nohalteg Bëschwirtschaft souwéi gezielten Naturschutz vu rare Liewensraimstrukturen méiglech.





*Beispill vun engem Schauteng fir Fiedermais an der Bamschuel*






*Spiechthielen an enger Bich*




## Kontakt

Bei Froen zu dësem Thema kënnt Dir Iech gäre per Mail un de Fierschter Daniel Steichen wenden


daniel.steichen@anf.etat.lu

# Méi wéi Beien! Ziel mat!

Text a Fotoen: natur&ëmwelt

Vum 14. bis den 22. Juni 2025 kënnt dir rëm matmaachen.

Fir déi drëtt Kéier organiséiert natur&ëmwelt seng grouss Insekten-Zielaktioun bei „Méi wéi Beien! Ziel mat!" Egal ob am eegene Gaart, an engem Park oder am Bongert – ob jonk oder al – jidderee ass opgeruff, un dëser Aktioun deelzehuelen.

Am Laf vun de Jore wäerten d'Donnéeën et erlaben eraus ze fanne wéi d'Bestänn vun Insekten sech iwwert Zäit entwéckelen an eventuell Populatiounstrends festzestellen.

Dowéinst gëtt och virun allem no Aarte gekuckt déi am Siidlungsberäich virkommen, wéi zum Beispill: Bommelen, Himmelsdéiercher a Schwiefmécken. Insgesamt kucke mir no 12 verschiddenen Aarten. Ausserdeem wëlle mir domadder och och op dës faszinant Déieren opmierksam maachen.

D'Participante gi gefrot, tëscht dem 14. an dem 22. Juni, sech eng Stonn Zäit ze huelen an z'observéieren, wat ronderëm d'Haus esou krabbelt a wibbelt.

Ganz nom Motto: „Ech schütze just wat ech och kennen", léieren d'Leit d'Insekten an hirem Ëmfeld nach besser kennen.

Am beschte sicht ee sech fir ze zielen e sonnegen Dag eraus an zielt op enger Plaz déi e bësse geschützt ass virum Wand, a wou d'Insekten och eppes ze friesse fannen, d.h.: eng Plaz mat Blummen, Hecken a Beem.

D'lescht Joer war d'Flouerbommel op der éischter Platz, mir si scho ganz gespaant, wéi eng Aart et dëst Joer ob d'Nummer 1 packt.

Méi Informatioune zur Zielaktioun fannt Dir geschwënn op der Websäit vun natur&ëmwelt a.s.b.l.: www.naturemweltasbl.lu

Wann Dir Iech méi fir Insekten interesséiert, kënnt Dir och un de Bestëmmungscoursen vun der Naturschutzorganisatioun deelhuelen.

natur&ëmwelt

**Kontakt**

**natur&ëmwelt a.s.b.l.**
5, route de Luxembourg L-1899 Kockelscheuer

secretariat@naturemwelt.lu

29 04 04 1

# MÉI WÉI BEIEN!

# ZIEL MAT!

## 14 - 22 juin 2025

Bestëbser
MÉI WÉI BEIEN




**Observez et comptez pendant une heure les insectes fréquentant vos jardins!**

Enregistrez vos observations en ligne!

natur&ëmwelt

www.naturemweltasbl.lu

# Monitoring vun aarteräichen Wisen a Weiden

Text a Fotoen: SICONA

„Biodiversitéits-Monitoring" – esou nenne mir deen zanter ville Joren an de SICONA-Gemenge lafende Projet fir d'Erfaassung vun de Planzenaarten op aarteräichen, extensiv genotzte Wisen a Weiden. Scho viru méi wéi 25 Joer goufen esou genannte „Wisekartéierungen" duerchgefouert. Och haut ginn d'Planzenaarten op dësen natierleche Flächen ëmmer nach no där selwechter Method opgeholl. Dëst erlaabt et eis, Aussoen zur Entwécklung vun dëse wäertvolle Flächen ze maachen. De Monitoring vun naturschutzrelevantem Gréngland gëtt am NaturPakt ugerechent, sou dass d'Gemeng an deem Kader Punkten erzile kann.

## De Vertragsnaturschutz

Aarteräicht Gréngland huet eng héich ökologesch Bedeitung als Liewensraum fir eng ganz Rëtsch vu bedrote Planz- an Déierenaarten. Et liwwert eng Rei wichteg Ökosystemleeschtungen, déi der Allgemengheet zegutt kommen. Dofir ass den Erhalt an d'Férderung vun dëse charakteristeschen Aartegemeinschaften esou wichteg. Eng effektiv Moosnam géint de Réckgang vun dësem Liewensraum ass de Vertragsnaturschutz. Hei geet et ëm Programmer fir eng extensiv Notzung ouni Düngemëttel a Pestiziden – déi sougenannte „Biodiv-Programmer". Fir d'Aarbecht vun de

*Si feelt a kenger morer Wiss oder Weed: d'Wisemargréitchen*





matmaachende Baueren unzeerkennen, déi dës Flächen extensiv no bestëmmte Richtlinne bewirtschaften, kréien si eng finanziell Kompensatioun. An der SICONA-Regioun stinn aktuell iwwer 1.000 Fläche mat ronn 1.800 ha ënner Vertrag.

## Erhalt vun der floristescher Aartevillfalt

Duerch de wëssenschaftleche Monitoring – bei deem d'Planzenaarten zesumme mat hirer Heefegkeet opgeholl ginn – kann d'Entwécklung vum aarteräiche Gréngland analyséiert ginn: Konnte seele Planzenaarten sech verbreeden? Huet sech den Zoustand vun de bléienden, kraideräiche Wisen a Weiden verbessert oder verschlechtert? A mir probéieren natierlech erauszefannen, wourop dës Entwécklunge zeréckzeféiere sinn. Eng Etüd vum SICONA, déi al an aktuell Vegetatiounsdonnéeë verglach huet, konnt d'Erfolleger vun der extensiver Notzung am Kader vum Vertragsnaturschutz beweisen: Op 75 % vun de 90 ënnersichte Vertragsflächen konnt d'floristesch Aartenvillfalt erhale bleiwen! Fir den Erhalt vun aarteräichem Gréngland ass eng extensiv Notzung an d'Opnam vun sou vill Flächen ewéi méiglech an d'„Biodiv-Programmer" absolut sënnvoll. D'Bauere ginn heizou vum SICONA beroden.

## Lokal Resultater

An der Gemeng Koplescht fannen sech nach vereenzelt aarteräich Grénglandflächen, haaptsächlech un de Bierghäng an op de Plateauen. Et handelt sech dobäi virun allem ëm Fréschwisen (sougenannte „Glatthaferwiesen"). Am Gemengegebitt sinn aktuell zéng Flächen op enger Gesamtfläch vu ronn 27 ha an engem Biodiversitéits-Programm. Bis elo konnt just eng Fläch am Gemengegebitt an de Monitoring opgeholl ginn – weider sollen dobäikommen. Hoffe mir, datt dës a vill aner bis haut extensiv genotzte Fläche mat hirer Aartevillfalt a Bléiepracht erhale bleiwen.

## Méi Informatiounen op sicona.lu

D'Naturschutzsyndikat SICONA besteet aktuell aus 43 Membergemengen am Südwesten an Zentrum vu Lëtzebuerg. D'Zil vum SICONA ass den Erhalt vun der heemecher Aartenvillfalt an naturnoe Liewensraim. Nieft der Landschaftsfleeg gëtt och vill Aarbecht an d'Neischafung vu Liewensraim investéiert.

### Kontakt

**Naturschutzsyndikat SICONA**
12, rue de Capellen L-8393 Olm

administration@sicona.lu

26 30 36 25



Heu-
börse
hee.lu

# Die Heubörse für Luxemburg

## Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere und unterstützen Sie regionale Heuanbieter!

Besuchen Sie **hee.lu** – die neue Online-Plattform für den Heuverkauf!

- **Anzeigen aufgeben:** Gesuch für Qualitätsheu – einfach & kostenlos
- **Heuanbieter in Ihrer Nähe finden:** Die besten Angebote schnell auf einer interaktiven Karte finden
- **Gezielte Suche:** kräuterreiches Heu, Bio-Qualität, Ballenformat & -größe und zahlreiche weitere Filtermöglichkeiten
- **Direkte Kontaktaufnahme:** Angebote vergleichen & individuelle Vereinbarungen mit Verkäufern treffen
- **Regionale Heuwirtschaft stärken:** Kaufen Sie direkt bei Landwirten aus Luxemburg

Durch den Kauf von **kräuterreichem Heu von extensiv genutzten Wiesen*** unterstützen Sie die Erhaltung unseres artenreichen Grünlandes. Dieses Heu eignet sich gut für die Fütterung von **Pferden, Jungvieh, Mutterkühen sowie für Kleintiere wie Kaninchen oder Meerschweinchen.**

*ohne Düngung und Pestizide, später Mahdtermin, Fläche unter Vertragsnaturschutz

Scannen Sie den **QR-Code**

**Melden Sie sich kostenlos an und finden Sie das passende Heu für Ihre Tiere!**

**www.hee.lu**

Bei Fragen melden Sie sich per E-Mail unter **aarteraicht-grengland@erhalen.lu.**

Die Heubörse wird durch das Naturschutzsyndikat SICONA mit der finanziellen Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität betreut.

SICONA Naturschutzsyndikat

**Naturschutzsyndikat SICONA**
12, rue de Capellen - L-8393 OLM
www.sicona.lu

zesummen aarteräicht Gréngland erhalen

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

# Loosst äre Wues wuessen an hëlleft eise Bestëbser!




Sticker

## Wéi kann ech matmaachen?

Bei engem vun de Partner vum Projet kritt dir e Sticker, deen dir iech op d'Bréifkëscht pechen an sou är Participatioun weise kënnt. Fotoe vun ärem Gaart kënnt dir bei eis ob **moien@sias.lu** era schécken an sou un engem Gewënnspill deelhuelen. Dir kënnt är Fotoen och gären ob de soziale Medie mam **#BlummefirBestëbser** deelen.






## Wat sinn d'Spillreegelen?

D'Spillreegelen si ganz einfach: Dir méit net am Mee. Dir musst dobäi net onbedéngt dee ganze Wuess stoe loossen, mee kënnt och just en Deel dervu wuesse loossen.

## A wéi hëllefen ech domat de Bestëbser?

Wann een d'Méimaschinn am Fréijoer méi laang stoe léisst, dann hunn d'Déieren, déi am Buedem oder un de Grashällem iwwerwanteren, eng besser Chance ze iwwerliewen. An der méi spéit geméiter Wiss kënnen sech wëll Kraider usidelen. Eng propper geméite Wiss bitt kee Liewensraum fir eis Insekten, an ass donieft och net un de Klimawandel ugepasst.

**Weider Informatiounen:**
#BlummefirBestëbser
moien@sias.lu

**Partner vum Projet**:

SIAS · NaturparkOUR · Naturpark Öewersauer · Naturpark Mëllerdall Geopark · SICONA Naturschutzsyndikat · EbL Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l. · KoBri Magazine · natur musée mnhn.lu

# Presentatioun vum Jugendhaus Gemeng Koplescht

## Wie sidd dir als professionell Ekipp?




## Säit wéini gëtt et d'Jugendhaus an eiser Gemeng?

D'Jugendhaus Briddel gëtt et zënter 1999, nodeems et virdrun als Scoutschalet benotzt gouf. D'Gebai läit direkt nieft dem Bësch a besteet aus engem eenzege Stack. Et befënnt sech um Schoul-Campus, wat praktesch ass wéinst den Ariichtungen ewéi d'Sportshal, wou mir ëmmer mëttwochs a samschdes zur Verfügung hunn, an de Fussballsterrain niewendrun, wou alle béid reegelméisseg a mat Freed benotzt ginn.

Mir hu vill verschidden Offeren am Haus, wéi beispillsweis e Billardsdësch, eng Kichen, en Dëschtennis-Dësch, zwee Laptoppe fir d'Benotzung vun de Visiteuren, eng Playstation an eng Nintendo Switch, eng Dartsscheif, e Piano an nach villes méi.

## U wie riicht sech d'Jugendhaus?

D'Jugendhaus bitt non-formell Bildung fir **12- bis 26-Järeger un.** De Cycle 4 kann eis och iwwer d'Maison Relais besiche kommen, mat döser si mir och aktiv der Transitiouns-Aarbecht. D'Jugendhaus bitt de Jonken en **zentralen Treffpunkt,** deen och als Informatiounsquell an als Betreiungs-Ariichtung agéiert, eng Villfalt vu Méiglechkeete fir **perséinlech Entwécklung** offréiert a d'**sozial Participatioun** fërdert.


Egal wat d'Hierkonft, Relioun oder Geschlecht vun de Jonken ass an och ganz onofhängeg vun hiren individuellen, finanziellen oder sozialen Ëmstänn.

D'Visiteuren an eiser Ariichtung sinn haaptsächlech Teenager a jonk Erwuessener aus der Gemeng. D'Zil vun der Ariichtung ass awer net exklusiv op d'Jugendlecher aus der Gemeng ausgeriicht, mä ass **fir all Jonker zougänglech**, egal wou se wunnen. D'Jugendhaus bitt och Zougang fir Visiteure mat spezifesche Besoinen oder Behënnerungen. Zesummegefaasst ass d'Zilgrupp vun der Institutioun **divers an inklusiv.** Mir verfollegen d'Zil, op déi verschidde Bedierfnesser an Interesse vun de Jugendlechen aus der Gesellschaft anzegoen a passen eist Angebot ëmmer dorunner un.

D'Jugendhaus stellt eng **sécher Plaz** duer, wou all Jonke wëllkomm ass a wou ee vum Educateur-Team passend encadréiert gëtt.













Dëst, domat en op sengem individuelle Wee an den Erwuessenen-Alter beschtméiglechst ënnerstëtzt gi kann an sech ganz fräi entfale kann.

**D'Besiche vum Jugendhaus ass fräiwëlleg a gratis.** Wann ee bei enger Aktivitéit mat maache well, da bezilt een och net de volle Präis vun der Aktivitéit – domadder komme mir eise Jonken entgéint.

## Wat fir Aktivitéiten an Offeren organiséiere mir?

- **Berodung an Ënnerstëtzung:** D'educatiivt Team steet de Jonken, mee awer och den Elteren, ëmmer mat engem **oppenen Ouer** bäi. Individuell Gespréicher, Berodung an Ënnerstëtzung zu verschiddenen Theme wéi administrativen Ugeleeënheeten, Finanzen, Wunneng, Bezéiungen, Gesondheet, Sexualitéit an aner Froe ginn ugebueden. Mir kënnen Iech och un Experte weiderleeden an Iech bei Bedarf och dohinner begleeden.

- **Bildungs-Aktivitéiten:** All Mount a wärend de Schoulvakanze plange mir verschidden Aktivitéite mat de Jonken. Vun Gemengen-Eventer a Sensibiliséierungs-Projete bis hin zu Ausflich wéi Europa-Park, Go-Kart, Kino, en Dag op der Musel, pädagogesche Reesen a villes méi. Mir leeë grousse Wäert drop, datt déi Jonk zesumme mam pädagogeschen Team Aktivitéite plangen an organiséiere kënnen. Och ass et eis wichteg, dat mir Aktivitéiten ubidden, wou eng **pädagogesch Valeur** hunn a bidden ënnert anerem am Kontext vun da Sensibiliséierung reegelméisseg Aktivitéiten zu de verschiddensten Themen un, wéi beispillsweis zur mentaler Gesondheet. Zousätzlech bidde mir all **Freideg** d'Méiglechkeet u **Kach-Aktivitéiten** deelzehuelen, wou déi Jonk d'Iessen auswielen a verschidden Aufgaben iwwerhuele kënnen, wéi zum Beispill Kachen, Dësch decken a Geschier ofwäschen. D'Jugendhaus bitt och **Sport-Aktivitéite mëttwochs a samschdes** an da Sportshal un. Déi Jonk hunn d'Méiglechkeet, d'Aart vum Sport selwer ze wielen.

- **Pädagogesch Reesen:** D'Jugendhaus bitt, an der grousser Vakanz, och gréisser Reesen un. Jee nodeem, wéi eng Projeten am Laf vum Joer geplangt sinn a wat mam verfügbare Budget méiglech ass, ware mir scho kapabel, beispillsweis am Joer 2024, op Malta ze reesen. Dëst och, duerch den Asaz vun eise Jonken, déi sech u Stänn bedeelegt hunn a fläisseg fir eise Projet gesammelt hunn.

- **Hausaufgabenhëllef:** Mir bidden Hausaufgabenhëllef un a beméien eis, ganz no individuelle Fall, dem Jonken och aner Servicer ze proposéieren, wou en eng méi ugepassten Ënnerstëtzung fir seng spezifesch Schoulklass kréie kann. D'Visiteure kënnen och Computeren an eiser Ariichtung benotzen, fir hir Hausaufgaben ze maachen.

## Wéi kann ee bei Iech Member ginn?

Mir hunn Aschreiwungs-Formularen, déi entweder vum Jonken (wann e volljäreg ass) oder vu sengen Tuteuren ausgefëllt an ënnerschriwwe ginn. De Formular muss net bei der éischter Visite zwéngend ausgefëllt ginn, et kann een och einfach emol fir d'éischt laanscht luusse kommen an den éischten Androck op sech wierke loossen.

### Kontakt


**Jugendhaus Bridel**
**5, Rue Gerden L-8132 Bridel**

**26 33 17 12**

**jugendhaus.bridel@croix-rouge.lu**

**Jugendhaus Bridel**

**jugendhausbridel**

# Retrospektiv - Vergaange Manifestatiounen vu Mäerz bis Abrëll

## Grouss Botz 30.03

Den 30. Mäerz sinn eng 50 Awunner an Awunnerinnen duerch eis Gemeng gaange fir am Kader vun der grousser Botz Offäll laanscht d'Stroossen, d'Wanderweeër an d'Bëscher opzesammelen. No der Botzaktioun gouf et dunn eppes Waarmes fir d'Participanten z'iessen. Mir soe jidderengem villmools Merci, dee bei dëser Aktioun matgemaach huet!

Fotoen : Max Staus

Seiten 25 - 26 - 27

## KoBri Maart 23.04

No der Wanterpaus gëtt de KoBri Maart erëm, ewéi gewinnt, all 2. Mëttwoch vu 15.00 bis 19.00 Auer um Parvis vun der Briddeler Kierch organiséiert. D'Aweiung vun der neier Saison war den 23.04. Ze fannen ass eng Metzlerei, eng Bäckerei, frëscht Uebst a Geméis, Wäin, Blummen, Planzen a villes méi. Bei all Maart ass och ee lokale Club vertrueden, dee fir Iessen a Gedrénks suergt.

Fotoen : Max Staus

Seiten 28 - 29 - 30

## Concert Jean-Jacques Mailliet 23.04

Den 23. Abrëll huet d'Kulturasbl den éischte Jazz Concert vun der Saison mam Kënschtler Jean-Jacques Mailliet organiséiert. Et war ee gelongenen Owend un deem eng 20 Leit deelgeholl hunn. D'Kulturasbl ass frou, Iech an den nächste Méint ee weiderhi flotten a villsäitege Programm am renovéierte Kulturhaus ze proposéieren. D'Eventer gi punktuell op der Facebook-Säit vun der Kulturasbl annoncéiert: https://www.facebook.com/KulturasblKopstal/

Fotoen: Kulturasbl

Seite 30

## Grouss Botz 30.03














CLUB
AL-BRIDE


HOME WERCOLLIER















## KoBri Maart 23.04























**Concert**
**Jean-Jacques Mailliet 23.04**





# Praktesch Informatiounen

## BIERGERZENTER

**1-3 rue Nicolas Goedert**
**L-8133 Bridel**

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
7h30-12h00 an 13h00-16h00

### RÉCEPTION

27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

### BUREAU DE LA POPULATION

27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

### SERVICE ENSEIGNEMENT

27 3 27 - 203
population@kopstal.lu

### SERVICE DE MÉDIATION

mediation@kopstal.lu

## CONCIERGERIE COMMUNALE

**76, rue de Luxembourg**
**L-8189 Kopstal**
27 3 27 - 327
conciergerie@kopstal.lu

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
13h00-19h00

## MAIRIE

**28, rue de Saeul**
**L-8189 Kopstal**

### SECRÉTARIAT COMMUNAL

27 3 27 - 305
secretariat@kopstal.lu

### RECETTE COMMUNALE

27 3 27 - 401
recette@kopstal.lu

### COMPTABILITÉ COMMUNALE ET RESSOURCES HUMAINES

27 3 27 - 303 | - 304
facturation@kopstal.lu

### COMMUNICATION ET RELATIONS PUBLIQUES

27 3 27 - 302 | - 306
communication@kopstal.lu

## SERVICE TECHNIQUE

**22, rue de Luxembourg**
**L-8184 Kopstal**

### SERVICE TECHNIQUE

27 3 27 - 501 | - 502 | - 503
servicetechnique@kopstal.lu

### SERVICE URBANISME

27 3 27 - 507 | - 508
urbanisme@kopstal.lu

### SERVICE DES EAUX

661 402 328 ou 661 402 329
eau@kopstal.lu

### SERVICE RÉGIE

27 3 27 - 504 | - 505
servicetechnique@kopstal.lu

## AUTRES CONTACTS

### CIS KOPSTAL

49771 - 3450
ciskop-cadre@cgdis.lu

### PERMANENCE SOCIALE

Ines Figueiredo
26 11 37-31 | 621 267 162
ines.figueiredo@oscmamer.lu

### CIGL KOPSTAL-BRIDEL ASBL

26 10 35 19
kopstal@ciglkopstal.lu

### KOBRIBUS (Service Ruffbus)

27 327 - 333

### ÉCOLE FONDAMENTALE BRIDEL

27 3 27 - 203 (service scolaire)
comite@kopstalschoulen.lu
24, rue de l'école
L-8128 Bridel

### MAISON RELAIS BRIDEL

27 3 27 - 812
mre@kopstalschoulen.lu
www.maisonrelais-bridel.lu
4, rue François-Christian Gerden
L-8132 Bridel

### PRÉPOSÉ DE LA NATURE ET DES FORÊTS

Daniel Steichen
621 202 116
daniel.steichen@anf.etat.lu

Koplescht Briddel · Klima-Bündnis Lëtzebuerg · Mir sinn eng Fairtrade Gemeng · Pakt vum Zesummeliewen · KlimaPakt · NaturPakt · PacteLogement



Administration communale de Kopstal
28, Rue de Saeul
L-8189 Kopstal
**www.kopstal.lu**
CommunedeKopstal communedekopstal